PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.**

Eisen Code de la consommation gesäit am Fall vun Clauses pénales abusives keng kloer legal Obligatioun vir. Esou si schonn Fäll viru Gericht tranchéiert ginn, wou d'Richteren Clauses abusives festgestallt hunn, d'Strof fir den Consommateur awer net annuléiert, mee nëmme reduzéiert hunn. Dëst ass laut Konsummenteschutz awer net am Sënn vum Arrêt vum 30. Mee 2013 vun der CJUE.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi huet den Konsumenteschutzministère op d'Analys vun der ULC reagéiert?
2. Ass de Ministère och der Meenung, dass d'nationalt Gesetz zu den Clauses pénales abusives net konform ass zum EU-Recht, esou wéi ausgedreckt am Avis vun der CJUE?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten